PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 06/12/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Premierminister weiderzeleeden.

An der Fro n° 7083 hunn ech dem Premierminister Froen zu den Wiesselen, Astellungen a Pensionnéierungen vun héije Beamten *(Administrateurs généraux, 1er conseillers de gouvernement, conseillers de gouvernement première classe, conseillers de gouvernement, conseillers de gouvernement adjoints)* gestallt. Den Premier huet mech op den Annuaire vun de Ministèren an den Mémorial B verwissen. Fir ze wëssen wéi eng Beamten awer beim Amtsuntrëtt vun der Regierung Bettel I am Amt waren, misst een awer all d'Ernennungen am Mémorial vun deenen leschten 50 Joer nosichen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Fro stellen:

1. Wéi eng vun den uewen genannten Beamtenposten waren mat wéi enge Leit besat, dee Moment wou d'Regierung Bettel I an d'Amt komm ass?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten